ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Santé huet den 21. Januar an enger Pressematdeelung annoncéiert, datt eng «Maison médicale» am Süden an engem Zentrum geplangt ass. Dës zwou «Maisons médicales» sollen dann och déi al Strukturen ersetzen. Wéi et weider an der Pressematdeelung heescht, géif och am Norden intensiv no engem neie Site fir eng «Maison médciale» gesicht ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Sicht d'Santé och no engem Site fir eng «Maison médicale» am Oste vum Land?
2. Wa jo, wou soll sech dëse Site fir eng «Maison médicale» am Oste viraussiichtlech befannen?
3. Wann nee, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze verantwerten, datt an all Bezierk duerch «Maisons médicales» eng besser Prise en charge soll assuréiert ginn, awer datt fir de Bezierk Osten keng vergläichbar medezinesch Versuergung envisagéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten